ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 16/05/2024

# Rapport 4/24 vun der Sportskommissioun

Reunioun vum 14.05.2024 um 18:00 am Sall vum Gemengerot zu Téinten

## Presenzen

| Member | Present | Entschëllegt | Net entschëllegt |
|---|---|---|---|
| Arendt Benoît | X | | |
| Bausch Pele | | X | |
| Brosius Thierry | | | X |
| Everad Thierry | X | | |
| Kieffer Aloyse | X | | |
| Lesch-Fanck Laure | | X | |
| Lucas Patrick | X | | |
| Mathias Heike | X | | |
| Meyer Louis | X | | |
| Reding Sam | | X | |
| Reuter Pierre | X | | |

## Punkt 1: Dagesuerdnung

Op der Dagesuerdnung stoungen follgend Punkten:

- Sportleréierung => Avis ofginn iwwer d'Lëscht vun de Kandidaten
- Nuit du Sport
- Schnuppercours'en: Feedback an Ausbléck
- Divers

## Punkt 2: Rapport vun der leschter Reunioun

De Rapport vun der leschter Reunioun gëtt unanime vun de Memberen ugeholl.

Helperknapp, 16/05/2024

## Punkt 3: Sportleréierung den 08.06.24

D'Sportskommissioun hat d'Lëscht mat Kandidaten fir d'Sportleréierung vun der Gemeng kritt an virleien. D'Roll vun der Kommissioun sollt et sinn een Avis zu der Lëscht ze ginn. Leider huet sech erwisen, dat dës net sou einfach war (kéng Adresse vun de Leit, mussen d'Leit an der Gemeng wunnen wann se individuell eppes gewonn hunn an engem Veräin aus der Gemeng, Meldungen haaptsächlech just aus 2 Veräiner, manner Meldungen wéi d'lescht Joer...).

De Benoît huet trotzdeem eisen Avis un d'Vertrieder vun der Gemeng gescheckt.

Den Verlaf vun der Éierung wär de follgenden:

- 15h30 Start Sportleréierung: Begréissung vun der Gemeng ënnen an der Hal an d'Sportler sëtzen uewen op der Tribün. Duerno Iwwerreechung vun de Medailen. D'Sportler ginn se erof sichen + Foto.
- 16h30 Éierewäin
- 17h00 Start vun der Nuit du Sport

## Punkt 4: Nuit du Sport den 08.06.2024

Mer sinn vum Tina Grohs kontaktéiert ginn wat sech em d' Organisatioun vun der Nuit du Sport këmmert. Hei e puer wichteg Punkten:

- Wéini ass den Optrëtt vum Georges Christen?
- Den Schnuppercours Yoga mam Véro ass jo organiséiert
- De Laftreff vun 0 op 5 km bidden och eng Laf Sortie an de Bësch beim Campus un
- Et muss nach gekläert ginn ob a wou d'Sportskommissioun bei der Nuit du Sport hëllefen soll. An dem Fall bräichten se T-Shirten vun der Nuit du Sport.

Mer huelen un, dat d'Gemeng nach een detailléierten Programm erausgëtt.

## Punkt 5: Feedback vun den Schnuppercours'en an Ausbléck

D'Schnuppercours'en sinn mëttlerweil ugelaf. Hei e kuerzen Status vun der Situatioun

- **<u>Indiaca:</u>**
  Samschdes, 10:00-12:00 an der Sportshal
  Et sinn normalerweis genuch Leit do fir dat op engem Terrain 5 géint 5 gespillt ka ginn. D'Responsabelen sinn momentan zefridden mat der Situatioun. D'Fro war opkomm, ob een net och erwuessen Leit vum Accueil intégré fir Flüchtlingskanner (kuck separate Punkt) mat deelhuelen léisst. De Responsabelen vum Accueil huet awer gemengt, dat seng Ufro sech an éischter Linn op Kanner aus dem Accueil bezitt.

- **<u>Yoga:</u>**
  Dënschdes, 19:30-21:00 E bëssen méi “doucen” Yoga
  Samschdes, 10:00-11:30 E bëssen méi “aktiven” Yoga
  Béid Terminer sinn ausseruerdentlech gutt besicht: Dënschdes normalerweis iwwer 30 Leit, Samschdes zwëschent 15 an 20 Leit. D’Véro wat de Cours hält ass méi wéi zefridden mam Succès.

- **<u>Laftreff fir Ufänger vun 0 op 5 Kilometer:</u>**
  Mëttwochs, 18:00-19:30
  Sonndes, 10:00-11:30
  Insgesamt hunn 11 Persounen deen Cours ugefaang a sinn mëttlerweil all nach dobäi. E puer Leit hu missen op eng Waardelëscht gesat ginn fir dat de Grupp net ze grouss soll sinn. De Pierre ass begeeschter iwwert d’Motivatioun vun der Ekipp.

  All déi Cours’en sollen bis zur Summervakanz goen.
  Ee grousse Merci un der Service Communication vun der Gemeng deen alles dru gehaang huet fir Reklamm fir déi Schnuppercours’en ze maachen.

- **<u>Weider Cours’en</u>**
  D’Kommissioun sammelt momentan schonn Iddien fir änlech Schnuppercours’en am Hierscht oder nächst Fréijoer ubidden ze kënnen
  - Danzveräin vun Bëschdref (Sam Reding)
  - Dëschtennis vun Biissen a vun Recken (Everad Thierry): Sekretär (Luc Mousel) an Präsident (Mike Kraus) géifen sech freeën op déi nächst Versammlung vun der Sportskommissioun ze kommen
  - Special Olympics (Everad Thierry): Och hei soll eng Rencontre mam Responsabelen organiséiert ginn
  - Volley-Ball vu Bissen an Luerenzweiler (Everad Thierry)
  - “Functional Training” (fesses, abdos et cuisses) vum Leandro: Hien hat schonn virun Joren mat vill Succès esou ee Cours zu Tënten ugebueden. De Pierre steet am Kontakt mam Leandro.
  - Widderhuelung vum Yoga-Cours
  - Widderhuelung vum Laftreff vun 0 op 5 Kilometer
  - Laftreff vun 5 op 10 Kilometer

  Dëse Sujet wäert an der nächster Reunioun am Detail diskutéiert ginn.

## Punkt 6: Ufro Collaboratioun Accueil intégré

De Benoît hat eng Ufro kritt vum Ben Ruppert, dem Responsabelen vum Accueil intégré fir Flüchtlingskanner an der Ganzdagesschoul zu Bëschdref. D’ Iddi wär fir eemol an der Woch mat dëse Kanner an hiren Elteren Sport ze maachen zesummen mat de Bierger aus der Gemeng. Sou soll d’ Integratioun vun dëse Leit gefërdert ginn. Ausserdeem soll der Sport hinnen eng gutt Ofwiesslung bidden.

Helperknapp, 16/05/2024

Den Ben Ruppert war selwer an der Reunioun vum 26.02.2024 präsent fir der Sportskommissioun seng Iddi duerzeleeën: Den Encadrement géif vun 1-2 Mataarbechter vum Accueil gemaach ginn. Sie géifen sech och em den Transport këmmeren. Zu Miersch selwer, wou déi Läit am Creos-Gebäi ënnerbruecht sinn wär et zimmlech schwéier un eng Sportshal ze kommen. De Rôle vun der Sportskommissioun wär et fir Läit aus der Gemeng ze motivéieren matzemaachen. Et gëtt mat maximal 15 Kanner (Alter 3-12 Joer) mat 7-8 Famille gerechent. Et komme vill verschidde Sproochen a Fro.

D'Sportskommissioun hat proposéiert, déi Leit eventuell bei den Schnuppercours'en ze integréieren. Lo, nodeems d'Cours'en ugelaf sinn, weist et sech dat et zimmlech schwéier ass virun allem Kanner an Cours'en wéi Indiaca oder Yoga ze integréieren.

Den Benoît bleift trotzdeem mam Ben Ruppert a Kontakt an d' Kommissioun ass gewëllt dës Initiative an iergend enger Aart a Weis ze ënnerstëtzen.

## Punkt 7: Verschiddenes

*Déi Punkten ënner "Verschiddenes" sinn bei der Versammlung aus Mangel un Zäit net ugeschwat ginn.*

1. **Internetsäit fir de Sport:** D' Iddi ass opkomm fir um Site vun der Gemeng Helperknapp eng Säit unzebidden wou all Sportsveräin aus der Gemeng sech presentéieren kann: Websäit, Email-Adressen, Kontakter, Trainingszäiten an -lokaler, speziell Eventer...
   Ze bemierken ass dat et esou eppes änleches schonn um Site gëtt an zwar ënnert dem Annuaire communal. Leider sinn d' Informatiounen vun den eenzelen Veräiner oft net komplett. De Schäfferot proposéiert dat d' Kommissioun bei de lokale Sportsveräiner nofreet wat fir eng Donnéeën si gären um Site vun der Gemeng hätten an de Service Communication kann déi dann um Site bäisetzen.
2. **Fit Kanner Miersch:** D' Kommissioun freet sech ob esou eng flott Initiative net och an der Gemeng Helperknapp méiglech wär. Hei kënne Kanner ënnert der Begleedung vun Sportseducateuren vill verschidde Sportaarten ouni Leeschtungsdrock kenne léieren. De Schäfferot freet hei d'Sportskommissioun fir méi Informatiounen / Detailer zum Projet ze kréien fir eng Decisioun ze huelen.
3. **Sportkomplex:** Anscheinend soll an den nächsten Joren ee groussen Sport Komplex um Gebitt vun der Gemeng Helperknapp entstoen. De Schäfferot deelt mat dat et aktuell nach ze fréi ass fir d' Detailer zum Projet ze ginn, well nach net all Detailer gekläert sinn. Esoubal d' Informatiounen zum Projet zesummefonnt sinn, kritt d' Kommissioun dëst matgedeelt.
4. **Public Viewing Europameeschterschaft am Fussball:** De Schäfferot freet d' Kommissioun fir een Avis zu dësem Thema ze ginn. D' Propose wär, dat d' Gemeng d' Infrastrukturen an d' Material (Beamer, Leinwand, asw) zur Verfügung stellt an d' Veräiner kéinten ofwiesselend fir Iessen a Gedrénks suergen.
   D' Kommissioun huet laang iwwert dëst Thema diskutéiert an verwerft dës Iddi aus diverse Grënn.

Helperknapp, 16/05/2024

5. **Fitnessparcours:** De Schäfferot freet och hei d' Kommissioun fir een Avis. Et sinn zwee Fitnessparcoursen an der Gemeng geplangt. D' Fro ass wéi déi Parcoursen kéinten ausgesinn. D'Sportskommissioun huet mëttlerweil de Plang fir de geplangten Fitnessparcours zu Tënten kritt an an der Versammlung diskutéiert. Leider sinn eng helle Wull u Froen opkomm. De Pierre mécht ee Mail un d'Gemeng fir dës Froen ze klären

Nächst Reunioun soll zwëschent dem 1. an 15. Juli, 2024 sinn. Den Benoît schéckt eis nach Proposen.

Pierre Reuter

Sekretär Sportskommissioun